Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl
RCS F1763 siège social: 5, rue de Limpach L-4986 SANEM
association agréée dans la protection de la nature

Suessem, den 28. Mee 2026

Offene Bréif un d'Membres vum Schäffen- a Gemengerot vu Suessem

An der Sitzung vum 22. Mee 2026 huet de Suessemer Gemengerot beschloss, en „techneschen Gemengerot" ofzehalen zum Thema „Kordalletude".

Mir als Biergerinitiativ, déi och d'Interesse vun den Awunner vun eiser Gemeng vertrieden a Punkto Liewensqualitéit , woubäi Mobilitéit ouni Zweifel eng wichteg Komponent dovun ass, froen, bei deem technesche Gemengerot mat 2 Vertrieder kennen derbäi ze sinn, eben fir och d'Bierger.innen vun eiser Gemeng ze vertrieden.

Bei enger „technescher Aarbechtssitzung" geet et jo drëms méiglech all Facettë vun enger Problematik unzeschneiden an do däerf och de partizipative Volet net feelen. De Schäffen- a Gemengerot huet hei d'Méiglechkeet Experten mat an dëser Consultatiounsphase mat anzebezéien.

Als BIGS hu mer Kompetenzen déi ganz nëtzlech kéinte sinn fir eis Gemeng an deem Dossier weiderzebréngen. Dat hu mer säit 2013, wou mer am Aarbechtsgrupp „Contournement" ganz aktiv matgeschafft hu, méi wéi eemol bewisen. Mir bedaueren och, dass deen Aarbechtsgrupp säit 2024 net méi zesumme komm ass.

An der Hoffnung, dass eis Offer op Mataarbecht positiv ugeholl gëtt, a mer all am Interesse vun eise Matbierger.innen agéieren, verbleiwe mer, mat beschte Gréiss,

Patrizia Arendt,
Presidentin vun der BIGS asbl

**Auszuch aus eise Statuten:**

**Art. 2.** L'association a pour but d'oeuvrer pour une amélioration de la qualité de vie et pour la protection de l'environnement tant à l'intérieur qu'aux alentours immédiats de la commune de Sanem et d'y empêcher tout nouveau projet nuisant à la qualité de vie de ses citoyen(ne)s et à l'environnement à l'intérieur et aux alentours de la commune de Sanem.

L'association peut entreprendre toute action tant extrajudiciaire que judiciaire tendant à empêcher la réalisation de construction et/ou d'infrastructure portant préjudice à la qualité de vie de ses citoyens et/ou à l'environnement à l'intérieur et aux alentours de la commune de Sanem.

BIGS asbl - siège social 5, rue de Limpach L-4986 Sanem
bigs@pt.lu www.bigs.lu
CCRALULL (Raiffeisekeess): IBAN LU63 0090 0000 7355 2416 - RCS 1763